

(Photo: Charel Schmit)

Pënsch

# 25 Joer Fanfare Kiischpelt

Als Optakt vun de 25-Joer-Feierlechkeete war leschte Sonndeg e „Concert spirituel" vun der Fanfare Kiischpelt an der Porkiirch zu Pënsch.

D'Musikanten hun ënner der Ledung vum Dirigent Marcel Arendt ënner anerem dem Franz Schubert séng „Deutsche Messe", dem Johann-Sebastian Bach säin „Air" a Suite vum Georg-Friedrich Händel virgedroën.

### Éierung an Diplomiwwerreechung

Am Kader vun dësem ganz gutt besichte Concert goufe laangjäereg Mêmberen ausgezeechent. Den UGDA-Vertrieder Hubert Pütz huet Medaillen un d'Gaby Conjaerts-Thomas, de Roby Felten, d'Astrid Thelen-Hengesch fir 25 Joer Mêmberschaft, d'Simone Felten-Schmitz fir 20 Joer, de Gérard Conjaerts, d'Josiane Damit-Lentz, de Romain Schmitz fir 15 Joer an dem Marcel Arendt fir 10 Joer iwwerreecht.

Diplomer goungen un: Marc Allard, Nathalie Allard, Sylvie Allard, Patrick Bormann, Myriam De Rond, Patrick De Rond, Thierry Hinger, Eve Hulsbosch, Philippe Hulsbosch, Tania Joly, Martine Lentz, Sandra Molitor, Steve Molitor, Marie-Paule Peiffer, Isabelle Schiertz, Luc Weber a Mike Zaika.

### 25-Joer-Feieren

D'ganzt Joer iwwer gët d'25jäerigt Bestehe vun der Kiischpelter Fanfare gefeiert: 6. Februar, Träipenowend am „Café beim Schräiner" zu Pënsch (Umeldung um Tëlëfon 91420); 3. Abrëll, „Concert spirituel" vun der „Harmonie Union Troisvierges" zu Pënsch; 18. Abrëll, Jazz-Mass zu Pënsch; 20. Juni, Kiirmesconcert vun der Cliärrwer Musik. Den Héichpunkt vun de Festivitéiten as e Musikantekonveniat, den 12. September, fir all Mêmbere vun deemools an haut.

D'Generalversammlung as den 13. Februar am „Café beim Schräiner" zu Pënsch. chs